1-2020-O-1-6071-01 (n°3329)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, de 25. November 2020

PL 7694

12

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, **datt**

- d'Kuerzaarbecht (Chômage partiel) mat neie Corona-Restriktiounen nees wäert zouhuelen;
- d'Personal vun Hoteller, Restauranten, Caféën a vun anere betraffene Geschäfter, déi op Unuerdnung vun der Regierung mussen zoumaachen, besonnesch betraff ass;
- Patronën, déi hiert Personal net wëllen entloossen, verstäerkt op Kuerzaarbecht zeréckgräifen mussen, well d'sanitär Situatioun an d'Moossnamen dogéint ëmmer méi wirtschaftlech Konsequenzen hunn;

ass sech bewosst, datt

- de Staat probéiert huet, d'Kuerzaarbechts-Conditioune am Kader vun der Corona-Epidemie duerch eng materiell Offiederung ze verbesseren;
- d'Lounaboussen bei Kuerzaarbecht an alle Akommesklassen empfindlech sinn an och wéinst der laanger Dauer zu soziale Noutsituatioune kënne féieren;

fuerdert d'Regierung op,

- de staatleche Lounausgläich op 100 Prozent ze hiewen bis zu der Limitt vun 250 Prozent vum onqualifizéierte Mindestloun fir Leit iwwer 18 Joer;
- all d'Moossname vun der Kuerzaarbecht, déi am Kader vun der Corona-Epidemie geholl gi sinn, an enger éischter Etapp bis den 1. Juli 2021, respektiv esou laang wéi néideg, ze verlängeren.

Jeff Engelen
Deputéierten